

Interview mam Pierre Werner (CLT, 3. Dezember 1969)

Source: L'Europe après le Sommet de La-Haye / PIERRE WERNER, Robi Rauchs.- Luxembourg: CLT [Prod.], 3 décembre 1969. CLT-UFA, Luxembourg. - SON (03:53, Montage, Son original).

Copyright: Transcription CVCE.EU by UNI.LU

Tous droits de reproduction, de communication au public, d'adaptation, de distribution ou de rediffusion, via Internet, un réseau interne ou tout autre moyen, strictement réservés pour tous pays.
Consultez l'avertissement juridique et les conditions d'utilisation du site.

URL:

http://www.cvce.eu/obj/interview_mam_pierre_werner_clt_3_dezember_1969-lb-1774328b-2311-4446-b01d-7c4f84534a93.html

Date de dernière mise à jour: 13/04/2017



[Robi Rauchs] Här Staatsminister, wéi ass Är Meenung lo no dem Haager Gipfel? Ass Europa wierklech op deem Gipfel iwwert de Bierg komm?

[Pierre Werner] Ech komme vun dem Haag zréck mat deem Gefill, dass op der Konferenz eng gutt Aarbecht geleescht ass ginn. Nodeem natierlech den éischten Dag déi verschidden Délégiatiounen sech ofgetraast haten, fir ze kucken, wéi wäit dass d Dispositioun do war, fir Konzessiounen ze maachen, huet iwwert dem zweeten Dag d Konferenz op ee Mol eng ganz huerteg Entwécklung geholl. An et kann ee soen, dass haaptsächlech dat heien dobäi erauskoum: dass e gewéist Vertrauen an déi géigesäiteg Bereitschaft, fir Europa ze maachen a besonnesch och déi politesch Finalitéit vun dem Europagedanken nach eng Kéier ze ënnersträichen, dass dat dobäi erauskomm ass an och gefestegt ass ginn. Souwuel wat nun déi verschidden Aspecten ubelaangt iwwert d Weiderentwécklung vun den Europäesche Gemeinschaften, sou kann ee soen, et sinn do nei Zieler gesat ginn. Ech huelen zum Beispill déi Iddi vu Währungsunioun, déi bis elo nach kee bal wollt aussprieche, oder jidderfalls wou ee méi oder wéineger als Utopist ugesinn ass ginn, wann een dovun geschwat huet dat gëtt lo scho bal als eppes Selbstverständlech ugeholl, a mech perséinlech erfëllt dat och mat enger grousser Satisfactioun. Ech mengen och, wat elo d Ouverture ubelaangt no Groussbritannien, d Méiglechkeet, fir dass England an och nach aner Länner dem Marché commun bäitrieden déi Méiglechkeeten, déi si lo ginn, d Négociatiounen, déi kënnen am nächste Joer ugefaang ginn. T ass natierlech nach eng Kéier ënnerstrach ginn, dass déi eventuell Kandidaten all Verpflichtungen an Engagementer, déi an den Traitée leien, dass déi déi och mussen unhuelen, an och déi politesch Finalitéit vum Traitée.

[Robi Rauchs] Mä iwwert den 30. Juni eraus gëtt nach net geschwat an och net geduecht?

[Pierre Werner] Et gëtt awer scho geplangt iwwert den 30. Juni eraus, eleng wann ech scho soen, dass souwuel bäi dem Euratom wéi och h bäi der Währungsunioun, vun der ech geschwat hunn, nei Konzeptiounen awer lo wéinstens ugedeit si ginn. Et gëlt natierlech lo un den nationale Regierungen, et gëlt och un den Experten vu Bréissel, fir dat weiderzespannen an doraus fest Propositionen ze maachen.

[Robi Rauchs] Dir sitt jo an Ärer Interventioun op déi Währungssituatioun agaang an donieft och op d Fro vum Sozialfong. Wéi ass Är Interventioun do opgeholl ginn, Här Staatsminister?

[Pierre Werner] Et sinn e puer Délégatiounen, déi vum Sozialfong geschwat hunn. Mir och hunn drop gehalen, fir dovun ze schwätzen, well mir mengen, dass dee Sozialfong kënnt ausgebaut ginn, dass e méi aktiv kënnt agräifen, sech manner passiv verhalten, wéi dat bis elo de Fall war, an dass e kënnt glécklech agesat ginn, besonnesch och an der Léisung vu regionale Problemen.

[Robi Rauchs] Huet Dir do extra u Lëtzebuerg geduecht bäi der Proposition?

[Pierre Werner] Selbstverständlech, Lëtzebuerg ass och ëmmer do matabegraff, an et kënnen och emol bäi ons Situatioune kommen iwwregens huet schonn eng Kéier de Sozialfong bäi ons eng Contribution geleescht wou mir kënnen och Appell maachen un dee Fond.

[Robi Rauchs] Alles an allem, Dir sitt optimistesesch zréckkomm vu La Haye?

[Pierre Werner] Ech mengen, dat Weesentlecht ass, dass déi psychologiesch Viraussetzung fir d Weiderentwécklung vun Europa lo nees besser sinn, an et handelt sech lo drëm, dass an deenen nächste Wochen dat Kapital vu Vertrauen, wat lo do eruerwert ass ginn zu La Haye, dass dat net dissipéiert gëtt an deene schwéieren Négociatiounen, déi lo virun ons leien.

[Robi Rauchs] Merci, Här Staatsminister.